



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 20 JAN. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le:

21 JAN. 2020

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet: Question parlementaire n°1525 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1525 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,


Carole Dieschbourg

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, dem Energieminister, dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Wunnensbauminister op d'parlamentaresch Fro n°1525 vum 25. November 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen betreffend „Isolants“

Gi vum Lëtzebuenger Staat Isolatiounsmaterialie gefördert, déi net nohalteg sinn? Wa jo, wat fir eng Materialie sinn dëst?

Gëtt bei der Auswiel vun den Isolatiounsmaterialien eng Gesamt-Energie-Bilanz erstellt, wou all Faktoren op d'Ëmwelt matagerechent sinn, virun allem den Ëmweltimpakt vun der Produktioun a vum Recyclage?

Als Äntwert op déi zwou éischt Froen siew bemierkt datt déi finanziell Hëllef (PRIME House) déi den Ëmweltminister fir de Bau vun neie Wunnegebaier accordéiert exclusiv op Nohaltegkeetscritèren baséieren. Dës sinn am Artikel 1., 1. Paragraphe vum *Règlement grand-ducal du 23 décembre 2016 fixant les mesures d'exécution de la loi du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement* opgeléicht.

An dësem Kontext spillt d'Ëmweltbewäertung vun net nëmmen den Isolatiounsmaterialien, mais de Baumaterialien insgesamt (Indicateur environnemental I_{env}), eng wichteg Roll. Dësen Indicateur beinhalt de Prozess vun der Hierstellung bis zum Transport. Den Opbau an d'Fäegkeet, déi entsprechend Bau- respektiv Isolatiounsmaterialien nees ze demontéieren ginn zousätzlech analyséiert a kreien Rechnung gedroen.

Am Fall vun der Sanéierung vu bestehenden Gebäier as d'Approche liicht ënnerschiddlech. All d'Isolatiounsmaterialien ginn no dem „indicateur écologique I_{eco12} “ classéiert. Materialien mat engem schlechten I_{eco12} -Wert sin d'office vun den Hëllef ausschloss. Fir Materialien mat engem besonnesch héigen Wert können wesentlech méi attraktiv Subventiounen accordéiert gin.

Ass zu all Moment séchergestallt, datt den Energie-Aspuer-Potential vun den Isolatiounsmaterialie proportional méi héich ass, wéi den Energie-Opwand fir d'Produktioun an de Recyclage vun dëse Materialien?

Prinzipiell ass bei all Isolatiounsmaterial, esouweit et den Normen no agesat gëtt an déi virgeschriwwen Mindestkriterien agehalen gin, ee netto Energie-Aspuerpotential no e puer Joer ze verzechnen (méischstens no spéitstens 4-5 Joer, dat heescht, dann ass den Energie-Opwand fir d'Produktioun vun den Materialien ofgedeckt). Dat gëllt och fir net oder manner nohalteg Materialien.

Wa jo, wéi a no wéi enge Méthode gëtt dëst séchergestallt?

Dëst gëtt séchergestallt iwwert Mindestkriterien déi am Kader vum lëtzebuergeschen Fördersystem (PRIME House) mussen agehalen ginn. Ginn d'Kriterien net agehalen, gëtt och keng Förderung accordéiert.